



– que la sensibilisation du public sur les enjeux de la coopération au développement et de la solidarité internationale constitue un pilier essentiel de l'engagement luxembourgeois, et que la réduction des financements risque d'affaiblir l'impact des actions des ONG dans ce domaine ;

– que le budget alloué à la sensibilisation des ONG dans le budget pluriannuel subit une réduction ;

– que malgré la reconnaissance, lors de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, du Commerce extérieur et à la Grande Région du 25 octobre 2024, du caractère provisoire des montants inscrits au budget, aucune garantie claire n'a été donnée quant à un réajustement permettant de maintenir le financement à un niveau stable,

invite le Gouvernement à

– garantir qu'en 2026 et au-delà, le budget alloué aux campagnes de sensibilisation reste stable, avec un niveau au moins équivalent à celui de 2025.

(s.) Meris Sehovic, Sven Clement, Franz Fayot, Sam Tanson, David Wagner.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci, Här Sehovic.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Här President, et ass sécher vun zentraler Wichtigkeit, dass d'Vertrienderinnen an d'Vertriender vum Secteur bei strateegischen Decisiounen fréizäiteg matagebonne ginn. Et gëtt awer e groussen Ennerscheed tëschent abannen an delegéieren. Am Fall vun der neier Opstellung vum Secteur vun de Sensibilisatiouns-ONGe gëtt een d'Gefüll net lass, dass de Kooperationsministerium wichtig, jo quasi hoheitlech Aufgabe wéi d'Definitiou vun enger neier Gouvernance, d'Setze vu politesche Prioritéiten oder d'Verdeele vu Projetsgelder komplett auslagere oder delegéiere wollt. Wann dat esou ass, wourunner läit dat?

Eng weider Onkloerheet besteet bei de Krittäre fir nei Partnerlänner. Mir wëssen zwar, dass de Ministère momentan op der Sich no neie Partnerlänner ass, d'Auswielkrittäre sinn allerdéngs onbekannt. Do hätte mer eis haut méi Prezisiounen erwaart, déi leider net komm sinn.

Fir eng politesch Kohärenz, déi fir d'Erreeche vun den SDGs essentiell ass, fuerdere mer méi Transparenz an eng Opstellung vun de strateegesche Krittäre fir d'Wiel vun neie Partnerlänner. Well eng Kooperatioun ouni Zil, Här Minister, ass eng ineffizient Kooperatioun.

Mir froen eis och, wéi et weidergeet, a kucke gespaant, wéi der Regierung hir Strategie ausgebaut gëtt, well déi meescht PICE lafen demnächst bei zwee vun den dräi Partnerlänner aus.

Här Minister, Dir hutt eis de Moie gesot, dass d'Verhandlung mam Senegal schwierig wieren. Dir hutt vu „Réckschrëtt“ geschwat. Ëm wat fir eng Réckschrëtt handelt et sech, géing ech Iech gäre froen. A wat ass den Impakt dovunner haut um Terrain? Hunn elo schonn zum Beispill Leit aus dem Secteur hir Aarbecht verluer?

3. Dépôt d'une proposition de loi par M. Meris Sehovic

Exposé

An dann, Här President, Léif Kolleeginnen a Kollegen, nach eppes, wat eis Gréngen elo an deem Moment besonnesch wichteg erschéngt. Den Émgang vum President Trump mat der Agence USAID weist, wéi séier eng joren- a joerzengtelaang opgebaute Kooperationspolitik duerch falsch Prioritéite futti

gemaach ka ginn. Fir ze verhënneren, dass Lëtzebuerg an Zukunft dem politesche Wiessel oder wirtschaftlechen Interessen zum Affär kéint falen, ass et essentiell, dass den 1 %-Engagement fir d'APD genee wéi och de Prinzip vum der Additionalitéit gesetzlech verankert ginn.

An deem Sënn deposéieren ech dann haut – dat ass dann dee leschten Depot fir haut – eng Proposition de loi, déi ech zesumme mat der Kolleegin Joëlle Welfring ausgeschafft hunn, wou mer da proposéieren, d'1 %-Zil gesetzlech ze verankeren.

8499 – Proposition de loi portant modification du Titre I. de la loi modifiée du 6 janvier 1996 sur la coopération au développement et l'action humanitaire

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci, Här Sehovic.

M. Meris Sehovic (déi gréng), coauteur | Wann ech gelift, Här President.

4. Débat sur la politique de coopération au développement (suite)

Débat (suite)

Grad wéinst der Onstabilitéit musse mir als europäesch Partner fir Stabilitéit a Kontinuitéit an eise Partneriater suergen – elo méi wéi jee! D'Kooperationspolitik ass ze wichteg, fir se zur Businessplattform ze degradéieren. Si muss en effikass Instrument vun internationaler Solidaritéit an nohaltiger Entwécklung bleiwen. A Lëtzebuerg muss hei en Zeeche setzen, fir déi international Solidaritéit ze fërderen.

Dofir hu mer haut déi Proposition de loi deposéiert. Mir sinn iwwerzeegt, dass dës gesetzlech Verankerung derzou bäidréit, eis Kooperationspolitik ze stabiliséieren, Transparenz ze erhéijen an d'Kohärenz mat de Prinzipien vun der internationaler Solidaritéit ze verstärken. A gläichzäiteg schécke mer e kloert Zeechen a Richtung EU: Lëtzebuerg steet zu sengen Engagementer a weist, dass mer bereet sinn, eis Verantwortung an der internationaler Kooperatioun voll a ganz ze droen.

Här President, ech kommen zum Schluss. Mir mussen eis zu Lëtzebuerg an Europa Entwécklungen entgéintstellen, déi d'Kooperationspolitik zu enger Businessplattform degradéieren. Si muss e staarkt an effikass Instrument vun internationaler Solidaritéit bleiwen. A Lëtzebuerg muss hei Virreider bleiwen. Lëtzebuerg kann et sech net leeschten ewechzekucken, wa Länner wéi d'USA sech aus der globaler Verantwortung zrëckzéien. Wa mir elo net fir handelen, wéini dann? Wa mir elo net fir staark a konsequent international Solidaritéit plädéieren, wien da soss? Déi, déi gären d'Kooperatioun zum Business degradéieren, sollte sech bewusst sinn: Solidaritéit ass keen Deal – si ass eng moralesch Verflüchtung!

(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)

Ech soen Iech Merci d'Nolauschtenen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Villmools merci, Här Sehovic. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, ech muss soen, ech war de Moien, wéi ech dem Kooperationsminister senger Ried nogelauschert hunn, dach e bëssen enttäuscht. Ech hu seelen eng Ried zur Lëtzeburger Kooperationspolitik héieren, déi esou wéineg politesch Substanz hat. En Tour du monde ouni e kloer politesch Message.

Fänke mer awer um Schluss vum Minister senger Ried un. Ech zitieren: „Do bleiwen, wou mer sinn, do bleiwen, wou et Sënn mécht, an dohi goen, wou mer wëllkomm sinn.“ Wat bedeit dat konkreet? Stelle mer alles an der Kooperationspolitik a Fro oder stelle mer näischt a Fro? Ech weess et net.

„Bleiwen, wou et Sënn mécht.“ Wou ass dat? Och do keng Äntwert. Wat ass mat „Sënn maachen“ gemengt? Keng Äntwert. „Dohin ze goen, wou mer wëllkomm sinn.“ Wou si mer da wëllkomm? Jo, déi gutt Zesummenaarbecht mam Cap Vert gëtt kuerz erwäant. Mee soss? Keng Äntwert. Wat ass mat „wëllkomm sinn“ konkreet gemengt? Länner, déi eis bei sech alueden? Wou ass eng grouss, jo, eng iwwergräifend Strategie, a wat fir enge Länner mir eis wëllen engagéieren? Keng do – oder zumindest keng presentéiert.

Da gouf vun der Éducation au développement geschwat. Net ernimmt goufen dobäi déi grouss Problemer, déi hei an de leschte Méint entstane sinn, fir déi keen anere wéi eise Kooperationsminister verantwortlech ass. D'Strategie vum Ministère war wuel: „Kommt, mir annonciéieren eppes an da kucke mer mol, wat vum Secteur erëmkennt.“

Eng kloer Strategie fir d'Zukunft, déi läit nach net vir an et sinn nach ëmmer ONGen an der Ongewëssheet, well d'Kommunikatioun mam Ministère dach ze wënschen iwwerléisst. Amplaz e politesch Message, eng Strategie – jo/nee – héiere mer, dass de Secteur sech elo soll selwer organiséieren. E Secteur, deen dat esou gutt et geet an engem Klima vun Ongewëssheet mécht. Mee hei hätt ee sech e kloer Message gewënscht.

Zënter Joerzénge ass Lëtzebuerg nämlech dobaussen en zuverlässige Partner an der internationaler Entwécklungszesummenaarbecht. Et hätt ee sech gewënscht, dass dat och no banne vläicht heiansdo besser transportéiert gëtt, well – an dodrop solle mer houfreg sinn, an ech ginn dem Kooperationsminister absolutt Recht – mir sollen houfreg drop sinn, dass mir 1 % vun eise RNB investéieren, wäit iwwer de Mindestziler a méi wéi den internationale Standard. Dorop kënne mer houfreg sinn an dat sollte mer och nach vill méi aggressiv dobaussen kommunizéieren.

Et geet awer net just ëm Zuelen. Et geet ëm eng nohaltig Zukunft, eng nohaltig Zukunft fir eis allegueren op deem Planéit, dee mer deelen. D'Kris vun de leschte Joren huet nämlech gewisen, wéi wichteg international Solidaritéit ass.

Eis Kooperationspolitik muss sech dofir och deem, wat an deene leschte Jore geschitt ass, upassen, och deem, wat an deene leschte Wochen, Deeg, mëttlerweil muss ee bal soen an deene leschte Stonne geschitt ass, well dee Moment, wou mer hei vun der Tribün erofginn, hu mer warscheinlech schonn nees Neigkeeten, vun deene mer nach virdun, wéi mer ugefaangen hu mat diskutéieren, guer net wossten, dass se haut géifen op eis zoukommen. Mee mir mussen eis permanent dësen Erausforderungen upassen.

Sou kënne mer, wa mer dat da clever uginn, iwwer eis Kooperationspolitik nei Alliiert fannen. Alliiert, mat deene mer gutt Relatiounen kéinten opbauen, vun deene béid Säfte géife profitéieren.

Zréck also zur Fro, mat wéi engem Land Kooperationspolitik Sënn mécht. E Kooperationspartner vun eis, an dat gouf haut scho gesot, ass de Ruanda. De Ruanda, deem seng Truppen an d'Nopeschland Kongo agefall sinn. Domat verletz de Ruanda d'Völkerrecht, d'UN-Charta an d'territorial Integritéit vum Kongo.

Zanter Enn Januar – dat ass nach net laang hier – sinn iwwer 2.900 Mënschen ëm d'Liewe komm. De